

**Gemeinsam Äntwert vum Häer Energieminister a vum Häer Aussen- an Europaminister op
d'parlamentaresch Ufro n°4075 vum 14. Abrëll 2021 vun den Honorabelen Députéierten Fernand
Kartheiser a Fred Keup**

Äntwert op d'Fro 1:

Jo. D'Regierung respektéiert des Engagementer.

Äntwert op d'Fro 2:

D'Regierung bréngt sech bei de Verhandlungen aktiv dofir an, den Traité ze moderniséieren an aus Klimaschutzsiicht ze verbessern. D'Europäesch Kommissioun, déi säit dem 15. Juli 2019 en Negociatiounsmandat vun de Memberstaate kritt huet, gëtt an den Negociatioune vun der Regierung ënnerstëtzt. D'Regierung huet sech 2 Schwéierpunkte gesat, déi am Negociatiounsmandat virgesi sinn:

- 1) De Schutz vun Investissementer a fossil Energië soll auslafe fir den Text an Aklang mam Klimaaccord vu Paräis ze bréngen.
- 2) D'Schiidsgeriichter, déi am Kader vum Traité fonctionéieren, solle méi transparent fonctionéieren a sech un den neien europäesche Standarden orientéieren.

D'Verhandlunge lafen nach. Eier de moderniséierten Text vum Traité ugeholl gëtt, ginn d'Ministeren informéiert a si entscheeden, ob d'Propos an dëser Form ugeholl ka ginn.